N°8325
Entrée le 14.11.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

**Äntwert vum Kommunikatiouns- a Medieminister, Xavier Bettel an der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Joëlle Welfring, op d'parlamentaresch Fro N° 8325 vum 18. September 2023 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen, zu « caméras pour animaux ».**

**1.**

Den Zougang zum Bësch gëtt vum 1. Oktober 2023 un duerch dat neit Bëschgesetz vum 23. August 2023 gereegelt. Generell applizéiert sech de *Règlement (UE) 2016/679 du Parlement européen et du Conseil du 27 avril 2016 relatif à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel et à la libre circulation de ces données* ("RGPD") an dësem Kontext soubal d'Kamera esou positionéiert ass, datt Leit, déi sech legal laut dem Bëschgesetz am Bësch ophalen, op den Opnamen ze erkenne sinn.

Wat d'Umelle vun de Kameraen am Bësch bei der CNPD ugeet, gëllt et ze bemierken, datt säit dem Akraafttriede vum RGPD, de System vun de prealabelen Notifikatiounen an Autorisatiounen net méi existéiert. Den neie Regime gesäit vir, datt de Responsabele vum Traitement, also am Prinzip deejéinegen deen d'Kamera ophänkt an d'Opname benotzt, d'Konformitéit zum RGPD muss assuréieren a kënne beweisen.

Bezüglech der Plaz an der Ausriichtung vun der Kamera ass de Prinzip vun der Dateminimiséierung ze respektéieren. Fir datt den Traitement RGPD-konform ass, dierf nëmmen dat gefilmt ginn, wat strikt néideg ass fir déi gewënschte Finalitéit ze erreechen. Am Kontext vu Wëldkameraen suggeréiert d'CNPD, d'Kamera op Hëfthéischt ze installéieren an de Wénkel esou anzestellen, datt haaptsächlech de Buedem viséiert gëtt, dëst fir ze évitéieren, datt Persounen déi an de Bléckfeld vun der Kamera geroden, ze erkenne sinn. Zousätzlech sollte Wëldkameraen net an direkter Ëmgéigend vun engem Wee op deem jideree spadséieren goe kann installéiert ginn.

Ausserdeem gesäit den RGPD vir, datt all Persounen déi susceptibel si gefilmt ze ginn, am Viraus iwwer d'Präsenz vun de Kameraen informéiert musse ginn.

Et ass ze erwänen, datt d'CNPD an den Joren 2017 an 2018 een Austausch mat der Naturverwaltung (ANF) zu dësem Thema hat. Am Kader vun der Aféierung vum RGPD huet d'CNPD d'Mataarbechter vun der ANF iwwert d'Prinzipien vum RGPD informéiert a Recommandatiounen zur Benotzung vu Wëldkameraen ginn.

**2.**

Wéi an der Äntwert op déi éischt Fro beschriwwen, muss laut dem Transparenzprinzipp all Persoun, déi susceptibel ass am Bléckfeld vun enger Kamera opzetrieden, am Viraus iwwer dësen Traitement informéiert ginn. Dës Informatiounsflicht kann, zum Beispill, unhand vum Ophänke vun engem Panneau oder engem Piktogramm an direkter Ëmgéigend vun der iwwerwaachter Zon realiséiert ginn a muss e Minimum un Informatiounen enthalen, ënner anerem d'Identitéit an d'Kontaktinformatiounen vum Responsabele vum Traitement a fir wat fir eng Finalitéit d'Kamera genotzt gëtt.

Zudeem mussen déi betraffe Persounen iwwert hir Rechter am Bezuch op den Dateschutz informéiert ginn. Dës Informatioun kann sech direkt um Panneau befannen. Et besteet awer och d'Méiglechkeet, op eng méi detailléiert Informatiounsnotiz ze verweisen déi beispillsweis op engem Internetsite publizéiert ass.

**3.**

Wéi an den Äntwerten op déi zwou éischt Froen erkläert, ass dëst esou vum RGPD virgesinn.

**4.**

Den Ament ass net virgesinn, iwwert déi hei driwwer beschriwwen RGPD-Ufuerderungen mat aneren gesetzlechen Verflichtungen erauszegoen.

Lëtzebuerg, den 14. November 2023

De Kommunikatiouns – a Medieminister

(s.) Xavier Bettel